ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

# Privat Sécherheetsdéngschter op der Stater Gare

*Pressematdeelung vum 27. November 2020*

D'ADR huet ëmmer nees op déi schlecht Sécherheetssituatioun op ville Plazen am Land opmierksam gemaach, dorënner och am Garer Quartier an der Stad. Si huet an der Chamber besonnesch och d'Drogeproblematik zur Sprooch bruecht, a si huet den offensichtlechen Onwëlle vun der Regierung ugeprangert, fir géint déi organiséiert Kriminalitéit virzegoen. Ganz dacks sinn d'Drogendealer Migranten aus verschiddenen afrikanesche Länner, déi illegal hei zu Lëtzebuerg sinn.

De Stater Schäfferot huet elo decidéiert, fir eng privat Sécherheetsfirma ze beoptragen, Patrullen mat Hënn op der Gare ze organiséieren, fir op dës Manéier de Leit méi Sécherheetsgefil ze ginn an d'Police indirekt ze ënnerstëtzen. D'ADR begréisst grondsätzlech all Initiativ, déi dozou ka bäidroen, d'Sécherheet ze verbesseren, an dréit also och dës Decisioun vum Stater Schäfferot mat. Well esou eng privat Firma awer natierlech keng Polizeikompetenzen huet, ass hir Presenz wuel sënnvoll, awer nëmme vun ageschränktem Wäert. D'ADR versteet also net déi negativ Reaktioun vum Policeminister Henri Kox.

Fir d'ADR weist dëse Sträit, datt tëschent der DP, déi de Stater Buergermeeschter stellt, an deene Gréngen, déi de Policeminister stellen, grouss Differenzen an e Manktem u Vertraue bestinn. D'ADR freet sech, a wéi wäit dëse Sträit sech op d'Kohärenz vun der Regierungskoalitioun kann auswierken?

Wann dee gréngе Policeminister Kox, respektiv säi Virgänger Bausch an den LSAP-Immigratiounsminister Asselborn déi iwwerfälleg Moossnamen am Interessi vun der ëffentlecher Sécherheet geholl hätten, hätt d'Stad Lëtzebuerg elo net missen op privat Sécherheetsleit zeréckgräifen.

Der ADR hir Positioun ass jiddefalls kloer. Si fuerdert:

- en decidéiert Virgoe géint d'Kriminalitéit, besonnesch och géint d'Drogekriminalitéit;
- eng Legislatioun déi et erlaabt all illegal Presenz vu Migranten op eisem Territoire effizient z'ënnerbannen;
- méi Personal, legal Kompetenzen a Moyene fir eis Sécherheetsorganer, besonnesch och fir d'Police;
- eng effikass Justiz.

Matgedeelt vun der ADR

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

ADR – Parti politique 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+352) 2620 3706